1-2021-O-M-4020-01 (n°3809)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn: Approvisionnement et sécurité énergétique au Luxembourg et en Europe

Lëtzebuerg, den 15/03/2022

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Dass Lëtzebuerg sech am Kader vum Weltklimaofkommes vu Paräis verflicht huet, fir d'Äerderwiermung ënnert 2°C, préférablement bei 1,5°C ze halen;
- Dass de Staat mam gudde Beispill muss virgoen, wat de Kampf géint de Klimawandel ugeet;
- Dass an der Äntwert op d'Fro 5500 vun dem Energieminister an dem Minister fir ëffentlech Aarbechten erkläert gouf, "am Moment sinn op 40 Gebaier vun der Verwaltung fir ëffentlech Baute Photovoltaikanlagen installéiert an 19 Gebaier hunn Solarthermieanlagen, wat un der Unzuel vun de Gebaier ongeféier 4 % vum ronn 1'500 Gebaier grousse Patrimoine vun der Verwaltung entsprécht.";
- Dass am Geoportail (Cadastre potentiel solaire) festgehalen ass, wou Potential fir zukünfteg Solaranlage besteet;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. all d'Diecher vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten, do wou et méiglech ass, bis 2030 mat enger Solaranlag aus ze statten.

Marc Goergen

Sven CLEMENT